N°7100
Entrée le 31.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

All Mënsch ass mindestens eng Kéier am sengem Liewe krank a brauch dowéinst Medikamenter. Et komme stänneg néi Medikamenter an Traitementer op de Marché. Vill Medikamenter, déi bei eis verkaaft ginn, kommen aus der Belsch. Am August 2022 gouf sech schonn an der parlamentarescher Fro n. 6611, iwwert d'Festleeë vun de Präisser vu Medikamenter forméiert. An der Äntwert op dës Question parlementaire steet, dass de Präis fir en Medikament muss vun der INAMI publizéiert gi sinn, fir dass hei zu Lëtzebuerg de Präis ka festgeluecht ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat waart de betraffene Ministère op d'Verëffentlechung vum Präis vun der INAMI a freet en net direkt beim belsche Wirtschaftsministère un, den an der Belsch d'Präisser fir d'Medikamenter festleet?

2. Firwat gouf nach kee bilateraalt Ofkommes iwwert d'Präisser vu Medikamenter mam belsche Wirtschaftsministère ofgeschloss, fir d'Verfügbarkeet vun de Medikamenter hei zu Lëtzebuerg ze beschleunegen? Ass geplangt dëst nozehuelen?

3. Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt vum Zäitpunkt vun der Zouloossung vum Medikament duerch d'EMA, bis en Medikament hei am Land an der Apdikt disponibel ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten